Blohelmer – 29.11.2018

Wann et an den Noriichten ëm Kriseregioune geet, héiert een dacks de Begréff „Blohelmer“.

Mee wat sinn eigentlech Blohelmer? Blohelmer ass en ëmgangssproochleche Begréff, fir d’Friddenstruppe vun de Vereenten Natiounen. Den englesche Begréff fir d’Vereenten Natiounen ass UNO. (Wanns du méi iwwer déi Vereenten Natioune wësse wëlls, fënns du eise Podcast dozou op zpb.lu.)

Blohelmer sinn un hire bloen Helmer z‘erkennen, déi duerch déi blo Faarf vun der UNO e Symbol fir Fridden solle sinn Dëse Friddenstrupp sëtzt sech zesummen aus Zaldoten, Police a Militär-Experten an Expertinnen, aus de verschiddene Memberstaate vun de Vereenten Natiounen. Dës Zaldote gi vun hire jeeweilege Staate geschéckt an agéieren ënnert dem Kommando vun der UNO. Si ginn op sougenannte Friddenssécherungs-missioune geschéckt. Zil soll sinn, fir op der Plaz ze hëllefen, de Fridden ze sécheren.

Wou dës Truppen agesat ginn, entscheet de Sécherheetsrot vun der UNO. D’UNO schéckt Blohelmer eigentlech nëmmen dann, wann all betraffe Staaten a Regiounen och domat averstane sinn. Den Asaz muss onparteiesch sinn an et däerf keng Gewalt ugewannt ginn, ausser fir sech selwer ze verdeedegen. Deemno sinn d’Waffe vun de Blohelmer am Prinzip och nëmmen zur Selbstverdeedegung.

Blohelmer sinn also kee Militär fir Krich ze féieren, mee huelen nëmme passiv bei der Friddenssécherung deel. Dat heescht, si stellen de Fridden net aktiv hier, mee hëllefen, de Fridden ze halen. Blohelmer sollen zum Beispill a Regiounen, wou eng Wafferou verhandelt gouf, hëllefen, dës anzehalen. Si kontrolléieren Entmilitariséierungen an Ofrëschtungen oder begleede Friddensverhandlungen.

Fir hir Aarbecht hunn d’Blohelmer 1988 de Friddensnobelpräis kritt.

D’Blohelmer ware rezent awer och vill an der Kritik, wéinst systemateschem sexuelle Mëssbrauch bei verschiddenen Asätz an dem Ausbeute vun deene Leit, déi se schütze sollten. Et ginn ausserdeem strukturell Reforme gefuerdert, wat Rechter an Aufgabe vun den Truppen, mee och hir Organisatioun betrëfft.

Net nëmme wéinst Muechtmëssbrauch, mee och well et ëmmer méi Ugréffer op Blohelmer gëtt, an dobäi och ëmmer méi Leit ëmkommen, gëtt am Moment doriwwer verhandelt, op d’Zil an d’Strategie vun de Blohelmer iwwerduecht muss ginn. Et gëtt ënner anerem gefuerdert, dass Blohelmer misse „proaktiv“ kënne ginn. Dat heescht, dass si an d’Geschéien agräifen a kämpfen dierfen, wann et néideg wier, fir Zivilisten ze retten.

Am Moment gëtt et iwwer 100.000 Blohelmzaldoten, déi a 14 Friddenserhalensmissiounen, ënner anerem am Libanon, Mali, Kosovo an Haiti hiren Asaz hunn.